PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/04/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

D'Bundesamt für Sicherheit und Informationstechnik an Däitschland (BSI) warnt an engem Communiqué, dass d'iOS-Mail-App vun enger Secherheetslück betraff ass. De BSI schreift:

> "*Das BSI schätzt diese Schwachstellen als besonders kritisch ein. Sie ermöglicht es den Angreifern, weiteTeileder Mail-Kommunikation auf denbetroffenenGeräten zu manipulieren. Es steht zudem aktuell kein Patch zur Verfügung. Damit sind TausendeiPhones und iPads von Privatpersonen, Unternehmen und Behörden akut gefährdet. Wir sind im Austausch mit Apple und haben das Unternehmen aufgefordert, hier schnellstmöglich eine Lösung zur Sicherheit ihrer Produktezu schaffen.*"

De BSI recommandéiert doropshin d'Läschen an d'Desynchronisatioun vun der iOS-Mail-App, fir Geforen aus dem Wee ze goen.

Wéi d'Regierung mir an enger parlamentarescher Fro vun 2019 geäntwert hat, lafe ronn 31% vun de mobile Geräter beim Staat op iOS–Systemer. Grad elo wärend der COVID-19-Pandemie schaffe vill Beamten vun doheem aus iwwert den Internet, wat de Risiko fir den Datendéifstall erhéijt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Sinn der Regierung an de leschte Woche Fäll vun Datendéifstall baséierend op der viru genannter Secherheetslück bekannt ginn?
2. Hunn déi zoustänneg Ministeren d'Beamten, déi beim Staat schaffen, op d'Secherheetslück opmierksam gemaach, fir Geforen aus dem Wee ze goen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député